LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 FEV. 2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 11 février 2020

**Réf.** : 830x7a53d

**Concerne**: Question parlementaire no 1694 du 10 janvier 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 1694 du 10 janvier 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant "l'audit dans le cadre de l'organisation des urgences médicales".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pr la Ministre de la Santé,

Anne Calteux
Premier conseiller de gouvernement

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél.: (352) 478-1
Fax: (352) 46 79 63

Adresse postale
L-2935 Luxembourg

e-mail:
ministere-sante@ms.etat.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire no 1694 du 10 janvier 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant « l'audit dans le cadre de l'organisation des urgences médicales ».**

1. Wat fir Erkenntnesser/Resultater/Schlussfolgerungen si konkret bei deem genannten Audit erauskomm?

D'Erkenntnisser a Recommandatiounen vun der Étude sinn de 15. Dezember 2017 vun de Ministere Romain Schneider a Lydia Mutsch virgestallt ginn. De Rapport, dee 7 Handlungsfelder, 33 Mesuren an 150 Recommandatiounen ausweist, ass ëffentlech zougänglech um Internetsite vum Gesondheetsministère www.sante.lu.

2. Goufen op Basis vun dësen Erkenntnesser/Resultater/Schlussfolgerunge schonn konkret Mesuren an d'Praxis ëmgesat?

Am Fréijoer 2018 ass eng Plattform an d'Liewe geruff ginn, mat der Missioun, den Ëmsetzungsprozess aktiv a systematesch ze begleeden an ze koordinéieren. Dës Plattform, wou all déi betraffen Acteuren vertruede sinn, schafft all Joer en Tableau de bord aus, wou d'Ëmsetzung vun de wichtegste Recommandatiounen an enger 3 a 6-Méint Perspektiv festgehal gëtt. Dank der konstruktiver Zesummenaarbecht mat de Vertrieder vun de Spideeler an de Gesondheetsberuffer konnte schonn eng ganz Rei vu Mesüren ausgeschafft ginn.

D'Regierung huet am Januar 2019 e neie Reglement iwwert d'Normen an den Urgencen ugeholl. An dësem Reglement ginn d'Normen definéiert betreffend d'Gebailechkeete vun den Urgencen, d'Équipementer, d'Équipe bestoend aus Dokteren an Infirmièren, d'minimal Servicer déi an all Service d'Urgence assuréiert musse ginn an d'spezifesch Filièren fir Patiente mat besonnesche Besoinen. Dësen Text leet besonnesche Wäert op den Accueil, den Tri an d'Orientatioun vum Patient. Et goufe spezifesch Filièren an de verschiddene Spideeler agefouert, am Domaine vun der Gériatrie, der Psychiatrie, der Cardiologie, der Pédiatrie an der Gynécologie-Obstétrique.

An themateschen Aarbechtsgruppen sinn iwwerdeems Indicateuren ausgeschafft ginn, fir e quantitativen a qualitativen Monitoring an den Urgencen ze erméiglechen, an esou ee besseren Iwwerbléck iwwert d'Aktivitéiten an och iwwert d'Waardezäiten an dësen Servicer ze kréien.

D'Regierung huet och vill Aarbecht an eng verbessert Orientatioun an Informatioun vun de Patienten investéiert, fir ze verhënneren, dass d'Capacitéiten vun den Urgencen onnéidegerweis an Usproch geholl ginn. Dobäi gouf e besonnesche Wäert op d'Promotioun vun den Hausdokteren an de Maisons médicales de garde geluecht. Des Campagne gëtt och an Zukunft weidergefouert.

Fir d'Raimlechkeete vun de Services d'Urgence dem Flux vu Patienten unzepassen, huet de Gesondheetsministère eng Opstockung an Héicht vu 15mio € vum Fonds Hospitalier an d'Weeër geleet. Esou konnten z.B. Ëmännerungsaarbechten vun de Lokalitéite vun den Urgencen an der Kannerklinik autoriséiert ginn, sou wéi eng Filière "Fast track" am CHEM an e neie Scanner bei den Urgencen vum HK.

Der Opstockung vum Personal gouf eng grouss Bedeitung unerkannt. Am Kader vum Spidolsbudget 2017/2018 sinn 16,75 zousätzlech ETP (= +10% vum Gesamt-Effectif) accordéiert ginn, fir d'Équipen an den Urgencen ze verstäerken. Duerch eng Opwäertung vun den Tariffen vun den Urgentisten am Oktober 2018, konnten an de 4 Services d'Urgences zousätzlech Dokteren agestallt ginn. Och de Contingent vu Personnel soignant konnt duerch déi nei Normen an d'Luut gesat ginn.

Fir d'Waardezäiten an den Urgencen ze verkierzen soll och vum Summer 2020 un, am Zentrum während dem Dag, eng parallel Garde vun de Spidolsurgencen tëscht den zwee Spideeler CHL an HK ulafen.

3. Wann nee, firwat ass dëst net geschitt a bis wéini ka mat der Ëmsetzung vun dëse Mesure gerechent ginn?

D'Ëmsetzung vun den 150 Recommandatioune vum Audit ass elaangwieregen Prozess. Fir d'Regierung ass d'Verbesserung vun de Waardezäiten an dem Fonctionnement vun den Urgencen eng politesch Prioritéit. Déi Mesuren, op deene bis elo nach net geschafft ginn ass, ginn an de nächste Méint a Joren ënnert der Obhut vun der Plattform zesumme mam Terrain ëmgesat.